N°731
Entrée le 14.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.05.2024
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 14. Mee 2024

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den **Här Premierminister** weiderzeleeden.

Den Inneministère huet viru Kuerzem de Video „Een Dag ënnerwee mam Inneminister" op senger offizieller Homepage veröffentlecht, wou een dem Här Inneminister ka bei engem Schaffdag nokucken. De Video enthält gréisstendeels Elementer vu Selbstduerstellung a keng Informatiounen zu Inhalt a Politik vum Inneminister oder der Regierung.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Premierminister follgend Froe stellen:

1. **Mat wat fir engem Budget gouf d'Produktioun vum Video esou wéi de Sponsoring op de soziale Medie finanzéiert?**
2. **Fir de Fall, dass et sech ëm ëffentlech Gelder handelt, fënnt den Här Premierminister, dass et korrekt ass, dass Ministeren hir perséinlech Image-Fleeg mat ëffentleche Sue finanzéieren?**

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Meris SEHOVIC**
Députéiert